Ligue "Ons Jongen"
Zentral-Komité
Letzeburg

Letzeburg, den 26. Januar 1945.

Un all Sektio'nen vun der Ligue "OnsJongen".

Le'w Komeroden !

Hei de Wuertlaut vun engem Bre'f dén den Här Justizminister Bodson ons an senger Egenschaft als Ministre du Service sanitaire zo'komme geloss huet :

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur d'accuser la réception de votre estimée lettre du 8 janvier 1945, relative aux mutilés et aux blessés de guerre luxembourgeois.

Le Gouvernement est d'accord pour soulager le sort de ces compatriotes et pour contribuer aux soins médicaux ainsi qu'il est proposé dans votre lettre prérappelée.

Je vous prie donc de bien vouloir m'indiquer le nombre approximatif des intéressés afin que le Gouvernement puisse se faire ine idée approximative sur la dépense en résultant.

En outre, vous voudrez me faire savoir si tous réclament le traitement gratuit.

Agréez, je vous prie, Monsieur le Président, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre du Service sanitaire
(signé) Bodson.

We' der gesit, muss de Comité Central vun Onser Ligue onbedengt an eso' bâl we' me'glech eng gené Opstellong kre'en vun déne Jongen de' blesse'ert sin oder soss irgendwe' nach ärztlech Behandlong ne'deg hun. Och abegraff sin de'je'neg, de' beim Zänndoktor musse behandelt gin. Wuelgemierkt, dén erfuerderten Traitement muss vun engem Leiden, dât de' Jongen sech während hirer Militärzeit ~~als~~ oder als Réfractaire zo'gezun hun, resulte'eren. Aus där gefuerderter Löscht (en double hätte mer se gär) muss ervir goen : 1) Num a Virnum vum Jong, 2) geburtsuert an -datum, 3) Art vun der Verwonnung a wat fir eng Behandlong ne'deg ass, 4) op eng Prothèse ne'deg ass a wat fir eng, 5) op d'Behandlong ganz gratis oder nömmen délweis gratis soll sin.

Also, Jongen, direkt un d'Arbecht, et ass zum Wuel vun onse blesse'erten Komeroden.

Fir den Zentral-Komité

Letzeburg, den 28. November 1945.

## BERICHT IWER D'SÖTZONG VUM ZENTRALCOMITÉ
### vum Samschdeg, de 24. November 1945.

**Uwiesend :** *Steil, Wohlfart, Fandel, Welter, Thinnes, Weirich, Dahm, Bruck, Rippinger, Majerus.*
**Absents :** *Alfonsetti* a *Welschbillig*, entschöllegt.
Eröffnong vun der Versammlong dûrch de Président um 14.30 Auer.

**Ponkt I. Réunio'n vun den Tambower Jongen e Sonndeg, den 25. 11. 1945.**

De Programm vun der Versammlong get a folgendem Sönn festgeluecht :
1) De Komerod *Steil* soll als Président vun der Ligue eng kûrz Begre'ssongsusprôch hâlen.
2) Weider soll é Vertrieder vum Commissariat au Rapatriement an én Delege'erten vun der Elterenassociatio'n d'Wuert ergreifen, fir é kûrzen Tätegkétsbericht iwer d'Aktivite't vun dénen zwo' Institutio'nen ze gin.
3) De Komerod *Wohlfart* get charge'ert, onse rapatrie'erte Komeroden é Reckbleck iwer d'Gröndong an d'Schaffen vun der Ligue ze gin, hien soll de Programm vun der Ligue entweckelen önner spezieller Berücksichtegong vun den Démarchen, de' bis elo an der Frô vum Rapatriement önnerholl go'fen, fir mat engem Appell un d'Solidarite't vun alle Memberen ze schle'ssen.

De Komerod *Rippinger* get charge'ert, dât No'twennegst fir d'Organisatio'n vun der Versammlong ze veranlassen, an den Zentralcomité hält besonnesch drop, dat an allen Hinsichten dé richtege Cader geschâfe get, fir d'Versammlong würdeg ze gestalten an ôfzehalen.

**Ponkt II. Statuten.**

Op d'Frô vum Komerod *Wohlfart*, firwât ons Statuten nach net am *Mémorial* publize'ert gi sin, äntwert de Komerod *Steil*, dat d'Statuten nach émol der Assemblée Générale vum 16. Dezember 1945 virgeluecht an ere'scht an hirer definitiver Form am Memorial veröffentlecht solle gin.

Den Zentralcomité schle'sst sech der Ménong vum Président un. D'Assemblée Générale soll weider driwer décide'eren, wâtfir Memberen als Membres Fondateurs vun onser Ligue ze considere'ere sin, an de Komerod *Steil* soll der Versammlong an dém Ponkt de' ne'deg Opschlöss gin, well an de'er Questio'n eng Streitfrô töschent verschiddene Memberen vun onser Organisatio'n entstoe könnt.

Wât d'Statuten selwer ubelängt, eso' schle'sst den Zentralcomité sech der Propositio'n vum Président *Steil* un, den Artikel 1 an dém Sönn z'ergänzen, dat d'Joergäng ganz gené opgefe'ert gin, de' fir d'Opnâm an ons Ligue a Betracht kommen.

Den Zentralcomité décide'ert ,ausserdém an dém betr. Artikel d'Frô tranche'eren ze lôssen, ob d'Memberen vun der Batterie Luxembourgeoise an de'je'nech Jongen, de' iwer de Joergang 1920 sin an aktiv an der bewaffneter Resistenz gekämpft hun, an d'Ligue opgeholl solle gin.

D'Propositio'nen vun der Sectio'n Letzeburg, d'Andélong an Distrikter an d'Statuten ze brengen, an och an den Distriksversammlongen bei den Neiwahlen vum Zentralcomité proportionnell zur Memberzuel ôfstömmen ze lôssen, geme'ss dem Artikel 20 vun de Statuten, get vum Zentralcomité approuve'ert.

De Président beoptragt d'Membreen vum Zentralcomité, eng Statutenännerong an dém Sönn fir de' nächst Sötzong vum Z.K. auszeschaffen, de' dann der Assemblée Générale zur Begutachtong önnerbrét soll gin.

De' aner Artikelen vun de Statuten gi vum Zentralcomité guddgehéscht. D'Assemblée Générale des Délégués soll op Propositio'n vum Komerod *Steil* den Entschéd treffen, ob d'Nimm vun de Memberen vum jetzegen oder vum fre'eren Zentralcomité am Memorial publize'ert solle gin.

**Ponkt II. Steierfro.**

De Caissier *Welter* délt dem Zentralcomité mat, dass d'Kapital vun der Ligue geme'ss engem Schreiwen vum Finanzamt besteiert soll gin. Well an dém Ponkt keng Détailer virleien, a wâtfirengem Môss d'Besteierong vum Verme'gen vun der Ligue erfollege soll, get de Caissier charge'ert, sech bei déne kompetente Stellen ze renseigne'eren, ob d'Ligue iwerhâpt eng Steierdeclaratio'n mâche muss ; well si no den Ausfe'erongen vum Caissier-adjoint *Weirich* als eng «Institution d'Utilité Publique» unerkannt misst gin, an démgeme'ss d'Verme'gen vun der Ligue net steierpflichteg wär.

**Ponkt IV. Korrespondenz.**

De Sekretär *Fandel* get é kurze Bericht iwer d'Korrespondenz, de' am Lâf vun der Woch am Zentralcomité eragelâf ass. An dém Ponkt ass keng Frô vu prinzipieller Wichtegkét ze verzéchnen.
Schluss vun der Sötzong um 17.15 Auer.
Nächst Sötzong vum Zentralcomité e Samschdeg, den 8. Dezember 1945, um 14.30 Auer.

*Ordre du Jour :*

1) Révisio'n vun de Statuten.
2) Assemblée Générale des Délégués vum 16. 12. 1945.
3) Korrespondenz.
4) Verschiddenes (Ofzéchen an Diplôm vun der Ligue).

De Président,
*A. Steil.*

De Sécrétaire Général,
*R. Fandel.*

Letzeburg, de 14. Dezember 1945.

## BERICHT IWER D'SÖTZONG VUM ZENTRALCOMITÉ
### vum Samschdeg, den 8. Dezember 1945.

---

**Uwiesend :** *Steil, Wohlfart, Fandel, Welter, Thinnes, Weirich, Bruck, Alfonsetti, Majerus, Welschbillig, Rippinger.*
**Absent :** *Dahm,* entschöllegt.

De Komerod *Weirich* kritise'ert et schârf, dass vun déne 5 leschte Sötzongen nach ké Bericht un de' ënzel Sectio'nen gângen ass, an hien propose'ert, de' Frô am Interesse vun onse Sectio'nen eso' schnell we' me'glech z'erlédegen. De Komerod *Fandel* schle'sst sech de'er Ménong un a verlângt Opklärong fir de' Mösstänn.

De Président *Steil* déclare'ert, dat hien am Verein mat dem Sécrétaire *Fandel* de' administrativ Frô eso' schnell we' me'glech enger Le'song entge'ntfe'ert, an de Komerod *Thinnes* offre'ert dem Zentralcomité zo' dém Zweck seng tatkräfteg Matarbecht.

Fir de' Mösstänn ze behiewen, soll den Zentralcomité én aneren Employé an der Plâtz vum Komerod *Rippinger* astellen, dén seng Tätegkét um Büro vun der Ligue aus beruffleche Grönn huet missen opgin. De Komerod *Welter* schle' zo' dém Zweck de Komerod *Hopp* vun der Sectio'n Letzeburg vir. D'Questio'n soll vun dem Zentralcomité nach émol iwerpre'ft an dann définitiv tranche'ert gin.

**Ponkt I. Statuten.**

Dén Artikel vun de Statuten, dén allgemeng am méschten beanstand get, ass den Artikel 1, well an dém betreffenden Artikel net détaille'ert ass, wâtfir Joergäng fir eng Opnâm an d'Ligue a Betracht kommen. De Sécrétaire *Fandel* propose'ert, iwer de' Frô ôfstömmen ze lôssen, a mat 5 Stömmen ge'nt 4 dreckt den Zentralcomité den Avis aus, ledeglech d'Joergäng 20 bis 27 an d'Ligue ophuelen ze lôssen, well d'Interessen vun déne Joergäng d'spezifesch Interessen vun onserer Organisatio'n représente'eren. Well an dém Ponkt dem Zentralcomité ower keng Entschédongsgewalt zo'stét, soll de' Questio'n der Assemblée Générale des Délégués önnerbrét gin, de' elleng dén définitiven Entschéd treffe kann.

Wât den Détail ubelângt, ob d'Nimm vun de Membres Fondateurs vun onser Organisatio'n bei der Veröffentlechong vun onse Statuten am Memorial solle publize'ert gin, eso' décide'ert den Zentralcomité mat 6 Stömmen bei Enthâlong vun de Komeroden *Steil* a *Wohlfart,* d'Nimm vun de Gröndongsmitglieder ze veröffentlechen.

Als Membres Fondateurs kommen no den Ausfe'erongen vum Sécrétaire *Fandel* ledeglech de' Memberen a Betracht de' d'Ligue faktesch gegröndt hun, we' den Numm et logescherweis besét.

Ob d'Memberen vun der Freiwöllegekompanie no dem Artikel 1 vun de Statuten weider als aktiv Memberen vun der Ligue figure'ere können, och wann si net déne virbenannte Joergäng ugehe'eren, doriwer soll ebenfalls d'Assemblée Générale des Délégués décide'eren. De Komerod *Wohlfart* setzt sech energesch duerfir an, dat de' Klausel soll beibehale gin, während d'Majorite't vum Z.K. de Standponkt vertrött, ausschliesslech d'Joergäng 20 bis 27 als aktiv Memberen unzegesin, fir keng Präzedenzfäll fir Ugehe'ereger vun anere militäreschen Organisatio'nen ze schâfen.

**Ponkt II. Redactio'nscomité.**

Op Wonsch vum Z.K. soll de Komerod *Fandel* de Rédactio'nscomité an allernächster Zeit convoque'eren, fir dem Zentralcomité Rechenschaft ôfzeléen iwer d'Schaffen vun der Zeidong, iwer d'Caisse an d'Administratio'n vun onsem Organ.

**Ponkt III. Assemblée Générale des Délégués.**

D'Assemblée Générale des Délégués get op e Sonndeg, de 16. Dezember 1945, um ½9 Auer, am Café de la Bourse zu Letzeburg festgesât. De Komerod *Rippinger* get mat allen anere weideren Détailler charge'ert, an hien soll den Ordre du Jour an der Zeidong publize'eren, eso' we' en an der Zentralcomitéssötzong vum 17. November 1945 fixe'ert go'f.
Schluss vun der Sötzong : 17.30 Auer.
Nächst Sötzong vum Zentralcomité e Samschdeg, de 15. 12. 1945, um 14.30 Auer.

*Ordre du Jour :*

1) Korrespondenz.
2) Assemblée Générale des Délégués.

De Président,
*A. Steil.*

De Sécrétaire Général,
*R. Fandel.*

Letzeburg, den 29. Dezember 1945.

## BERICHT IWER D'SÖTZONG VUM ZENTRALCOMITÉ
### vum Samschdeg, de 15. Dezember 1945.

**Uwiesend** : *Steil, Wohlfart, Fandel, Welter, Thinnes, Weirich.*
**Absents** : *Dahm, Bruck, Welschbillig, Alfonsetti, Majerus, Rippinger,* alleguer mat Entschöllegong.
**Rédactio'nscomité** : *Bochet.*

Eröffnong vun der Sötzong dûrch de Président um 14.30 Auer.

**Ponkt I. Korrespondenz.**

De Président an de Sécrétaire gin dem Zentralcomité Kenntnes vun der Korrespondenz, de' am Lâf vun der Woch an dem Z.K. eragelâf ass.

1) Vu besonnerer Wichtegkét ass é Schreiwen, vum Office pour le Placement et la Rééducation Professionnelle des Invalides de Guerre, an dém ons matgedélt get, dass Mött Januar 1946 14 Krichsinvaliden an d'Schweiz gescheckt gin, fir sech op aner Beruffer ömscho'len ze lôssen. De Komerod *Sreil* fe'ert aus, dass d'Oeuvre Charlotte an d'Krichsschiedenamt sech berét erklärt hun, de' Jongen dûrch Geldbeträg z'önnerstötzen. Op Propositio'n vum Caissier *Welter* décide'ert den Zentralcomité, eng Somme vun 20 000 Frang fir de' 14 mutile'ert Jongen dûrch d'Zentralcaisse ausbezuelen ze lôssen.

2) Op Ufrô vun e puer Komeroden vu Perel erklärt de Z.K. sech dermat averstânen, dass zo' Perel eng nei Sectio'n gegröndt get, de' onôfhängeg vun der Sectio'n Rammerech gefe'ert soll gin.

**Ponkt III. Demissio'n Rippinger.**

De Komerod *Rippingee* huet dem Z.K. seng Démissio'n als Sécrétaire-adjoint an als Member vum Zentralcomité önnerbrét, well hien aus beruffleche Grönn net me' an der Lâg ass, dé betr. Posten ze versin. Den Zentralcomité hölt d'Démissio'n vum Komerod *Rippinger* un, an et get beschloss, dé freie Posten dûrch Neiwahlen an der Assemblée Générale des Délégués nei besetzen ze lôssen.

**Ponkt III. Assemblée Générale des Délégués.**

De Programm vun der Assemblée Générale des Délégués, de' e Sonndeg, de 16. Dezember 1945, um 8.30 Auer am Café de la Bourse zu Letzeburg stattfanne soll, get a folgendem Sönn fixe'ert :

1) Begre'ssongsusprôch vum Président. De Komerod *Steil* soll e Reckbleck gin iwer d'Aktivite't vum neien Zentralcomité an eng kûrz Zesummefâssong vun déne leschte Sötzongsberichter mâchen, de' we'nt technesche Schwîregkéten nach ömmer net un d'Sectio'nen weidergelét konnte gin. An dém Zesummenhang get de Komerod *Bochet* vum Rédactio'nscomité charge'ert, sämtlech Sötzongsberichter an der Dreckerei Bourg-Bourger setzen an un d'Sectio'nen vun der Ligue weiderléden ze lôssen.

2) Ballottage *Alfonsetti/Welschbillig.*
3) Démissio'n *Rippinger* an Neiwahl vun dém Posten.
4) Révisio'n vun de Statuten.
5) Dénominatio'n vun onser Ligue.
6) Prinzipiell Froen a frei Ausspröch.

An der freier Aussprôch solle folgend prinzipiell Froen zur Diskussio'n gestallt gin :

*a)* Krichsschiedefrô. (Komerod *Steil*).
*b)* Placement vun onse Mutile'etren. (Komerod *Wohlfart*).
*c)* Monument du Souvenir.
*d)* Service Militaire.

Den Zentralcomité décide'ert, de' eventuell Resolutio'nen vun der Assemblée Générale des Délégués un d'Regierong weiderzegin. Eng Copie vun dém Memorandum soll un d'Chamber, a weider Copi'en un d'Direktio'n vun déne verschiddenen politesche Parteien gescheckt gin.

De Komerod *Bochet* get ôfschle'ssend e puer Ausfe'erongen iwer d'Zeidong, de' dem Rédactio'nscomité zur Erledegong iwerwise gin.

An dém Zesummenhang bemierkt de Komerod *Weirich*, dass d'Enquête vun onsem Organ iwer d'Fraterniséeren vun der Allgemenghét schlecht opgefâsst gin ass, an duerfir soll an enger nächster Zeidong begröndt gin, wuerfir de' Fro vun ons opgeworf gin ass, fir all Mössverständnesser ze vermeiden. Den Zentralcomité schle'sst sech der Propositio'n vum Komerod *Weirich* un.

Op Ufrô vum Zentralcomité délt de Sécrétaire *Fandel* mat, dass de' nächst Sötzong vum Rédactio'nscomité no de Feierdég vu Chröschdâg stattfanne soll.

Schluss vun der Sötzong um 17 Auer.

De Président,
*A. Steil.*

De Sécrétaire Général,
*R. Fandel.*

Letzeburg, den 21. November 1945.

## BERICHT IWER D'SÖTZONG VUM ZENTRALCOMITÉ
### vum Samschdeg, de 17. November 1945.

---

**Uwiesend :** *Steil, Wohlfart, Fandel, Welter, Rippinger, Thinnes, Weirich, Majerus, Bruck, Dahm, Welschbillig.*
**Absent :** *Alfonsetti,* entschöllegt.
**Rédactio'nscomité :** *Brimeyer* Nic.

Eröffnung vun der Versammlong dûrch de Président um 14.30 Auer.

**Ponkt I. Révisio'n vun onser Zeidong.**

De Komerod *Fandel* konstate'ert, dat dem Rédacteur vun onser Zeidong, Nic. *Brimeyer*, vu verschiddener Seit reproche'ert go'f, hien geng zevill égemächteg an der Fro vun onser Zeidong virgoen. Fir ons Zeidong ganz an den Dengscht vun der Ligue ze stellen an de Komerod *Brimeyer* z'entlâschten, propose'ert de Sekretär am Accord mat dem Zentralcomité d'Schâfong vun engem Rédactio'nscomité, an dém den Zentralcomité dûrch é Vertrieder soll représente'ert sin.

De Komerod *Brimeyer* setzt dem Zentralcomité d'Schwîregkéten ausernén, mat dénen hien ze kämpfen hât, zönter dat d'Komeroden *Wolter* a *Gremling* aus berufflleche Grönn net me' un der Rédactio'n bedélegt sin an hien praktesch ganz elleng d'Zeidong huet fe'ere missen. Hien schle'sst sech der Propositio'n vum Zentralcomité un a schle't, vir é Rédactio'nscomité vu 5 Mann ze schâfen.

De Rédactio'nscomité setzt sech aus folgende Memberen zesummen :

*Brimeyer* Nicolas, Letzeburg, rédacteur ;
*Fandel* Romain, Esch-Uelzecht, Vertrieder vum Zentralcomité ;
*Mandy*, Letzeburg, Matarbechter ;
*Pierrard*, Letzeburg, Matarbechter ;
*Ripp*, Letzeburg, Matarbechter.

De Komerod *Brimeyer* get mat der Rédactio'n charge'ert, de Komerod *Fandel* soll an der Zeidong all de' Froen behandelen, de' vu prinzipiellem Interesse fir d'Ligue sin (önner der Kontroll vum Zentralcomité), d'Komeroden *Pierrard* a *Mandy* sollen Artikelen vun allgemengem Interesse schreiwen an de Komerod *Ripp* fir de' witzeg Seit suergen. Et ass ower selbstverständlech, dat d'Matarbecht vun alle Memberen vun der Ligue ze begre'ssen ass.

Op Propositio'n vun de Komeroden *Steil* a *Wohlfart* behält den Zentralcomité sech d'Recht vir, ne'degefalls én zwéte Vertrieder vum Zentralcomité an de Redactio'nscomité ze delege'eren. D'Komedoren *Welter* a *Majerus* refuse'eren de' Charge mat der Begröndong, dat si berufflech iwerlâscht sin.

D'Administratio'n vun der Zeidong get vum Redacteur Nic. *Brimeyer* a vum Komerod Albert *Bochet* vu Letzeburg iwerholl, de' duerfir é Gehalt vun 3000 fr., resp. 2800 Frang pro Mo'nt beze'en. De Komerod *Bochet* ass responsabel fir den Annoncendél a fir d'Expeditio'n.

Op Wonsch vum Zentralcomité muss de Rédactio'nscomité derfir garante'eren, dat d'Zeidong net einseiteg gehale get an d'Opmâchong neischt ze wönschen iwreg le'sst.

Am Zesummenhang mat der Fro vun onser Zeidong bemierkt de Vice-Président *Wohlfart*, dat de Betrag vu 500 Frang, dé vun der Rédactio'n fir d'Opfe'erongsrecht vun den Theaterstecker verlângt get, iwerfuerdert ass. De Komerod *Brimeyer* fe'ert duerzo' aus, dat dem Verme'gen vun de Sectio'nen bei der Festsetzong vum Preis Rechnong gedroen a maner bemöttelte Sectio'nen o'ni weideres eng Réductio'n bewöllegt get.

**Ponkt II. Organisatio'n vun onser Caisse.**

De Caissier Josy *Welter* mecht folgend Propositio'nen :

Mat dem Accord vum Zentralcomité huet de Caissier virgedreckt Formularen ausschaffe gelôss, de' de Sectio'nen an nächster Zeit mat dénen ne'degen Explicatio'nen sollen zo'gestallt gin. D'Caisseberichter sollen vun de Sectio'nen ausgefüllt a fir den zengten vun all Mo'nt an den Zentralcomité eragescheckt gin. Op dém Caissebericht gin d'Recetten an d'Dépensen ganz gené opgefe'ert, weider muss all Sectio'n de Caissebestand vum virege Mo'nt ugin so'we' de Betrag, dé fir Oennerstötzongen ausbezuelt go'f.

D'Oennerstötzongen musse begröndt gin, an de Komeroden *Weirich*, 1. Caissier-adjoint, get vum Zentralcomité charge'ert, eng extra Kartei fir d'Secouren unzeléen, bestänneg à jour ze hâlen an ze kontrolle'eren.

Fir d'Caisse vum Zentralcomité soll eng regelrecht Comptabilite't ugeluecht gin.

Sämtlech Sectio'nen gin heimatt nach émol opgefuerdert, dem Zentralcomité so'fort de' Sommen matzedélen, de' bis haut dûrch de' verschidde Sectio'nen un Oennerstötzungen ausbezuelt go'fen.

No der Zo'stellong vun de virgedreckte Caisseberichten mussen d'Sectio'nen proportionnel zo' hirem Verme'gen de' folgend Beträg un den Z.K. ôfliweren, fir manner bemöttelt Sectio'nen z'önnerstötzen :

| | | |
|---|---|---|
| 20 000 Frang a weider Verme'gen : | 20% | vum Caissebestand |
| 10 000 bis 20 000 Frang | » 10% | » » |
| önner 10 000 Frang Verme'gen : | » 5% | » » |

Onbemöttelt Sectio'nen brauchen neischt un d'Zentralcaisse ôfzeliweren.

D'Propositio'nen vum Caissier *Welter* gin éstömmeg vum Zentralcomité approuve'ert a sollen an dém virgenannte Sönn exécute'ert gin.

**Ponkt III. Freiwöllegen Arbechtsdengscht.**

Op Ufro vum Komerod *Dahm* erönnert den Zentralcomité nach émol un d'Décisio'n vum Z.K. betr. d'Opnâm vu Memberen, de' freiwëlleg am R.A.D. woren. Prinzipiell kann ké Jong, dé freiwölleg am R.A.D. wor, an d'Ligue opgeholl gin. Stellt de Fall sech ower eso', dat bei der Freiwöllegemeldong gewöss zwengend Oemstänn matgewirkt hun, so' ass all Fall vum Sectio'nscomité individuell z'önnersichen a mat engem schröftleche Rapport an dem Avis vum Sectio'nscomité un den Z.K. weiderzeléden, dén driwer befföndt, op dé Jong opgeholl ka gin oder net.

**Ponkt IV. Assemblée Générale des Délégués.**

Op Propositio'n vum Président A. *Steil* get de' nächst Assemblée Générale op e Sonndeg, de 16. Dezember 1945 fixe'ert. De Sécrétaire-adjoint *Rippinger* get charge'ert, de' ne'deg Arrangementer ze treffen a weider Détailler dûrch d'Press bekannt ze mâchen. D'Versammlong soll viraussîchtlech é ganzen Dâg daueren a folgenden Ordre du Jour begreifen :

1) Ballottage *Alfonsetti/Welschbillig.*
2) Révisio'n vun de Statuten.
3) Dénominatio'n vun onser Ligue.
4) Prinzipiell Froen a frei Ausssprôch.

**Ponkt V. Korrespondenz.**

De Sekretär *Fandel* verliest d'Korrespondenz, de' an déne leschte Wochen am Z.K. agelâf ass a beäntwert soll gin. Vu besonnerer Wichtegkét ass é Bre'f vun der Sectio'n Oelwen, an dém verschidden Eisebunnerkomeroden dem Z.K. matdélen, dat d'Zeit vum R.A.D. a vun der Wehrmacht hinnen als Dengschtönnerbriechong ugerechent get.

Well de' Fro net elleng ons Komerode betröfft, de' op der Eisebunn täteg sin, a vun allgemengem Interesse fir d'Ligue ass, soll den Zentralcomité schröftlech beim Staatsminister, Transportminister, a beim Arbechtsminister intervene'eren, fir de' Questio'n zo' Gonschten vun onse Komeroden tranche'eren ze lôssen. Weider soll de Sekretär *Fandel* op Propositio'n vum Komerod *Wohlfart* d'Fro vum Klassement vun de Refraktären an der Zeidong opwerfen a behandelen, fir se an d'Oeffentlechkét ze brengen.

Op Wonsch vun den Interessenten soll den Zentralcomité bei dem Här Staatsminister Dupong schröftlech Renseignementer ufroen iwer d'viraussîchtlech Dauer vum Dengschtverhältnis vun onse Komeroden, de' an der Gendarmerie an der Police Auxiliaire täteg sin.

D'Resultater vun onse jeweilegen Démarchen gin de Sectio'nen op desem Wé matgedélt.

**Ponkt VI. Opklärongsversammlongen.**

Op Propositio'n vum Président A. *Steil* délt den Zentralcomité heidûrch mat, dat sämtlech Sectio'nen hir Opklärongsversammlongen dem Zentralcomité schröftlech matdéle sollen, fir dem Z.K. d'Geléengét ze hin, é Member vum Zentralcomité an de' verschidde Versammlongen ze delege'eren.

A folgende Sectio'nen gin an nächster Zeit Opklärongsversammlongen ofgehalen, a folgend Memberen vum Z.K. gin an de' verschidde Versammlongen delege'ert.

Sectio'n Simmern, den 29.11.1945, *Majerus* Georges, Stengefort.
Sectio'n Gre'vemâcher, den 20.11.1945, *Rippinger* Marcel, Fölschdröff.
Sectio'n Vîchten, den 2.12.1945, *Dahm* Henri, Ettelbreck.
Sectio'n Bartreng, den 2.12.1945, *Steil* Arthur, Bo'neweg.

De Komerod *Dahm* get charge'ert, weider Opklärongsversammlongen am Norden ôfzehalen.

**Ponkt VII. Verschiddenes.**

D'Sectio'n Berburg huet dem Zentralcomité 6000 Frang, den Erle's vun hirer Soirée, iwerwisen. Merci fir dé sche'ne Geste.

Op Ufro vum Komerod *Dahm* délt de Président A. *Steil* mat, dat d'Vertrieder vun de'er belscher Firma, de' a verschiddene Sectio'nen virstelleg woren, fir Biller vun onse gefalene Komeroden ze mâchen, net vum Zentralcomité duerzo' charge'ert sin an och den Accord vum Zentralcomité net ugefrôt hun. Et ass dénen énzele Sectio'nen also freigestallt, égemächteg an de'er Sâch ze décide'eren a virzegoen.

E Schreiwen vun der Sectio'n Bo'neweg mat gudde Propositio'nen fir d'Reorganisatio'n vun onser Zeidong get dem Rédactio'nscomité zur Begutachtong iwerwisen.

**Ponkt VIII. Tambower Jongen.**

Mir brengen heimatt onse Sectio'nen zur Kenntnes, dat d'Réunio'n vu sämtlechen Tambower Jongen vum Sonndeg, den 18.11.45, op e Sonndeg, de 25. November, 15 Auer, fixe'ert gin ass. Weider Détailler sin dûrch d'Press publize'ert gin.

Nächst Sötzong vum Zentralcomité e Samschdeg, de 24. November 1945, um 14.30 Auer, mat folgendem

*Ordre du Jour :*

1) Réunio'n vun den Tambower Jongen.
2) Revisio'n vun de Statuten.
3) Steierfro.
4) Divers.

Schluss vun der Sötzong um 17.30 Auer.

De Président,
*A. Steil.*

De Sécrétaire Général.
*R. Fandel.*